



MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

M. Serge Urbany.

Domadder ass dës Punkt ofgeschloss, a mir kommen dann elo zum éischte Projet de loi vun haut de Mëtteg, nämlech dem Projet de loi 6302 iwwer e geologesche Stockage vun CO<sub>2</sub>. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Berger, Negri a Gira.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Häre Marcel Oberweis. Häre Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

## 7. 6302 - Projet de loi

**a) relative au stockage géologique du dioxyde de carbone**

**b) modifiant la loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau**

**c) modifiant la loi du 20 avril 2009 relative à la responsabilité environnementale**

**Rapport de la Commission du Développement durable**

► **M. Marcel Oberweis (CSV), rapporteur.**- Häre President, Dir Dammen an Dir Hären, Häre Minister, dee virleiende Projet de loi ass den 1. Juli d'lescht Joer an der Chamber deponéiert ginn. D'Avisé vum Statsrot, de Chambres des Métiers, de Commerce an des Saliés sinn ënerbreet ginn. Opgrond vun den Ureegung vum Statsrot wéi och vun der zoustänneger Chamberskommissioun sinn awer eng Rei vun Amendementer agereecht ginn. Nodeems dem Avis complémentaire vum Statsrot Rechnung gedroe gouf, ass de Rapport an der Réunioun vum 6. Juni mat enger Enthaltung ugeholl ginn.

De Projet de loi gesäit d'Ëmsetzung vun der europäescher Direktiv N°31 aus dem Joer 2009 an dat nationaalt Recht vir. Eist Land huet awer schonn eng Mise en demeure vun der Europäescher Kommissioun kritt, well den Dag vun der Transpositioun, dee war d'lescht Joer de 25. Juni.

Dës Direktiv behandelt, wéi gesot, de Stockage vum Dreifhausgas CO<sub>2</sub> an dem geologeschen Ënnergrond. Mat Hëllef vun industrieller Prozess soll dës Gas a speziell ausgewielte geologesch Formatiounen agedréckt ginn, an do soll en da fir eng ganz laang Zäit stockéiert ginn.

Mat deem Projet de loi wëlle mir ganz einfach hei de juristesche Kader opspanen, dass dat ka geschéien an Europa. Et ass eng europäesch Direktiv.

Well dës Gas an der Atmosphär fir de Klimawandel suert, soll esou derfir gesuert ginn, dass hien net an d'Atmosphär émettéiert gëtt. Et sief awer gesot, dass dës Prozess net dozou verleeden dierf, dass mir eis Beméiungen aus der „Strategie 2020“ vun der erhéichter effizienter Energienutzung an dem Asaz vun erneierbaren Energien zréckschrauwe sollen.

Dee wichtegste Punkt vun deem Projet ass folgenden: E wichteg Kärpunkt vun der Direktiv steet am Kapitel 4 vun dem zweete Paragraph. Do heescht et, dass all Memberstat sech d'Recht virbehale kann, op sengem Territoire kee Stockage vun CO<sub>2</sub> ze erlaben, well den Ënnergrond dat net zouléisst.

An eiser Chamberskommissioun ware sech d'Membere vun Ufank un eens, dass de Stockage vun dem Dreifhausgas CO<sub>2</sub> hei am Land verbuede muss ginn. Dat steet och ganz kloer am Artikel 33 vum Projet de loi. Déi ugefroten Avisé vun den Experte sinn an déiselwecht Richtung gaangen. Aus geologeschen an aus hydrogeologesche Grënn ass de Stockage hei am Land net méiglech. An déist och aus Grënn vun der Virsiicht, well mir déi mat dem Stockage verbundene Risiko guer net ofschätze kënnen.

Et muss awer hei drop higewise ginn, dass an der Chamberskommissioun vun Ufank un zwou Optiounen fir d'Ëmsetzung vun dem Projet de loi viroulouen. Déi eng Grupp, déi war fir de Vote vun engem Gesetz, dat den CO<sub>2</sub>-Stockage total verbitt. Dës Iwwerleeung huet Eisträich gefouert mat sengem Bundesgesetz iwwert de Verbuet vun der geologescher Späicherung vu Kuelendioxid d'lescht Joer am Dezember, den 28. Nach steet awer eng Stellungnahm vun der Europäescher Kommissioun aus. Et muss och gesot ginn, dass dës Wee beim Statsrot eng Präferenz hat.

Déi zweet Equipe, déi huet sech fir de Vote vun deem virleiende Projet ausgeschwat, fir mat der Transpositioun vun der Direktiv virunzefueren an nationaalt Recht. Et ass gemengt ginn, et wier jo net gutt, wann een all Kéiers bei enger europäescher Direktiv vu Fall zu Fall ënnerscheede géif, ob se oder net ëmgesat dierft

ginn. Sou si mir par rapport zu der Europäescher Kommissioun en règle a mir hunn déi néideg Rechtssécherheet hei am Land mat Bezuch op den CO<sub>2</sub>-Stockage.

Iwwregens gëtt dës europäesch Direktiv mat dem Projet de loi eent zu eent ëmgesat. Wat elo de Projet de loi ubelaangt, esou sinn elo hei nëmmen déi wichtegst Elementer opgezielt ginn. Ech verweisen op de schrëftleche Rapport dofir.

Den Artikel 1 seet, dass de legale Kader fir den CO<sub>2</sub>-Stockage definéiert muss ginn. Den Artikel 2 mécht eng Aschränkung, an där festgehalen gëtt, dass dës Projet de loi net de Stockage vun CO<sub>2</sub> mat enger Meng vu manner wéi 100.000 Tonne verbitt. Dës Menge stamen aus wëssenschaftlechen Experimenter oder aus Demonstratiounsanlagen. Et dierf awer op kee Fall CO<sub>2</sub> an dem Waasser stockéiert ginn.

All déi aner Artikele setzen déi europäesch Direktiv ëm, ënner anerem d'Autorisatiounen an d'Demandé fir d'Sitë vum Stockage, déi eenzel Konditiounen fir de Stockage, d'Kritären, wéi den CO<sub>2</sub> an den Ënnergrond bruecht gëtt, zum Beispill den Transport, d'Surveillance an d'Inspektiounen, d'Kontrolle bei Fuitë vun CO<sub>2</sub>, d'Konditiounen, wéi eng Anlag vum Stockage zougemaach muss ginn, eventuell finanziell Garantien, d'Uleeë vu Registeren an d'Informationspflicht par rapport zum Public.

Den Artikel 24 léisst sech iwwert déi transfronaliere Kooperatioun aus. D'Kapitele 27, 28 soen eppes aus iwwert de Fall, wou eng Infractioun festgestallt ginn ass a wien déi néideg Kontrolle maachen dierf. Den Artikel 29 weist drop hin, dass agréiert Ëmweltassociatiounen vun hirem Recht Gebrauch maachen dierfen, wa si Verstéiss géint d'Gesetz feststellen. Den Artikel 31 zielt déi penal Sanktiounen op, déi de Bedreier am Fall vun engem Feeler riskéiert.

Dann den Artikel 33, dee wäertvollsten hei, ënnersträicht, dass den CO<sub>2</sub>-Stockage hei am Land verbuede, dat heescht iwwerhaapt net erlaabt gëtt. Domat ass fir alleguer kloer, dass et zu kengem iwwerierdeschen oder ënnerierdeschen Transport vun CO<sub>2</sub> an eisen Äerdbuedem kënnt. Déi Angscht war an der Chamberskommissioun ausgedréckt gi wéinst dem Projet ULCOS hei vir zu Florange an der Lorraine.

Zum Schluss vu menge Bemerkunge wëll ech drop hiweisen, dass et awer haut schonn esou Saache gëtt wéi de Stockage vun CO<sub>2</sub>. Ënner anerem - ech hat emol nogesicht an der Literatur - d'Äerdgasplattform Sleipner am Nordmire westlech vun Norwegen oder Äerdgasförderstellen an der algerescher Sahara. Do gëtt schonn CO<sub>2</sub> an den Äerdbuedem eragedréckt. Wéi gesot, Norwegen hat proposéiert, si géifen dann an Europa deen CO<sub>2</sub> sammeln, fir e bei sech anzulageren, wann ee Land es ze vill hätt oder selwer keng Plaz hätt. Wéi gesot, mir si wäit ewech vun Norwegen, do ass keng Gefor fir ons.

Dee grouse Problem, mat deem d'Wëssenschaftler an d'Ingenieuren am Abléck konfrontéiert sinn, dat ass déi Fro - et ass eng interessant Fro -, ob de superkriteschen CO<sub>2</sub> opgrond vun deem héijen Drock am Äerdbuedem net de Fiels opbrécht, an deem en agelagert ass, an domadder dann awer un d'Äerdoberfläch diffundéiere kann an esou awer an d'Atmosphär kënnt. Mä wéi ugedeit, déi Iwwerleeunge féiere mir hei am Land net, well mir kee Stockage hei virgesinn.

Mat dës Wierder, Häre President, Dir Dammen an Dir Hären, Häre Minister, ginn ech hei den Accord vun der CSV eran a soe Merci wéi ëmmer fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Häre Oberweis Merci. Als éischte Riedner ass den Häre Eugène Berger agedroen. Häre Berger, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

► **M. Eugène Berger (DP).**- Merci, Häre President. Och direkt e Merci un de Rapporteur fir säi mëndlechen a schrëftleche Bericht. Häre President, 2009 hat d'DP schonn an hirem Wahlprogramm sech ganz kloer géint de Stockage vun CO<sub>2</sub> ausgeschwat.

De Stockage vun CO<sub>2</sub> kënnt fir eis aus zwou Ursachen net a Fro. Zum engen ass et eng Technik, déi nei ass, déi an de Kannerschong stécht a mat ganz vill Risiko verbonden ass. Ech sinn do net onbedéngt darselwechter Meinung vläicht wéi mäi Virriedner, deen dat vläicht e bësselche méi positiv gesäit. Ech mengen, wann een dann elo och kuerzfristeg esou Technologie géif uwenden an CO<sub>2</sub> an de Buedem a geologesch Schichten erandréckt, weess een awer net, wéi dat mëttel- a laangfristeg sech verhält. An esou eng Technologie ass also keng nohalteg Solutioun.

Eng zweet Ursach, firwat mer nach ëmmer dergéint ware bei eis, dat ass, datt de Stockage

vun CO<sub>2</sub> eigentlech eng fundamental falsch Approche ass an där Fro vum Klimaschutz an och an der Energiefro. Eis Suerg soll net déi sinn, wéi mer sollen den CO<sub>2</sub> souzesoen ënnert de geologeschen Teppich kieren. Eis Suerg muss déi sinn: Wéi kënnen mer den CO<sub>2</sub> vermeiden? Wéi kënnen mer dee reduzéieren? Ech ginn elo net an d'Déift vun deem Sujet. Ech mengen, do hu mer op anere Plaze genuch Geleeënheet scho gehat a mir wäerten där och nach hunn.

Ech mengen, erfreescherweis ass et esou, datt mer an der Kommissioun op alle Fall e groussen unanimité Konsens haten, fir datt mer hei zu Lëtzebuerg op alle Fall net an déi Richtung vum Stockage vum CO<sub>2</sub> ginn.

D'Fro ass bliwwen, wéi eng legal juristesche Approche mer dofir huelen. Mir ware jo als Lëtzebuerg och net Demandeur, fir hei elo e Gesetz ze maachen. Et ass jo hei eng Direktiv, déi mer müssen ëmsetzen, respektiv wéinst där Direktiv hu mer eis mat där Fro ausenanergesat.

Et ass jo eigentlech e bësselche komesch, well mer op där enger Säit jo awer dergéint sinn an och d'Direktiv engem et erlaabt, sech derfir auszschwätzen, datt een um ganzen Territoire dergéint ass, an een op där anerer Säit awer muss déi Direktiv ëmsetzen. Et dréit een also e bësselchen hei am Krees.

Et war och eben d'Fro: Kéint een dann net einfach soen, kommt, mir setzen déi Direktiv net ëm, well se eis net concernéiert? An ass dat net eigentlech eng bürokratesch Hürd? Dat do ass eigentlech och net dat, wat ee kéint nennen e bësselchen eng Simplification administrative um europäesche Plang.

Bon, mir haten déi Diskussioun. Schlussendlech hu mer awer zréckbehalen, fir dann déi Direktiv ëmsetzen a vun där Méiglechkeet Gebrauch ze maachen, fir eben dranzeschreiwen, datt op dem ganzen Territoire de Stockage net erlaabt ass.

Bon, mir kënnen als demokratesch Fraktioun, als Demokratesch Partei och domadder d'accord sinn. Ech mengen, wat fir eis virun allem wichteg ass, dat ass dat, wat herno d'Resultat ass, dat ass, datt mer hei zu Lëtzebuerg keen esou e Stockage wäerten aféieren. An deem Sënn bréngen ech och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Häre Berger. Als nächste Riedner ass den Häre Roger Negri agedroen. Häre Negri, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roger Negri (LSAP).**- Häre President, Dir Dammen an Dir Hären, als éischt wëll ech dem Rapporteur Marcel Oberweis Merci soe fir seng exzellent schrëftlech a mëndlech Rapporten. Nieft der Reduzéierung vun eise Energiekonsum an dem Asaz vun alternativen Energiequellen huet d'EU sech als mëttelfristeg Zil gesat, den CO<sub>2</sub>, dee vun der Industrie produzéiert gëtt, ënnerierdesch ze stockéieren, fir de Kyoto-Ziler gerecht ze ginn.

D'Ëmsetzung vun dëser europäescher Direktiv ass en Deel vun der europäescher Strategie, déi zwar nëmmen als Iwwergangsphas soll gëllen, mä déi awer eng Rei Froen a Suergen opwerft. Esou wéi dat scho vum Rapporteur gesot ginn ass, hu mir an eiser Nohaltegkeetskommissioun fir eng integral Ëmsetzung vun der EU-Direktiv plädéiert, fir dass mer sécher sinn, dass mer eis net strofbar maache wéinst enger onkompletter Transpositioun.

Den Artikel 4 vun der Direktiv, deen et de Memberstaten iwwerléisst, de Stockage op engem Deel respektiv deem ganzen Territoire vun engem Land net ze erlaben, hu mir och an de Gesetzesprojet erabruucht, well dat fir eist Land souwisou net a Fro kënnt, sou wéi dat och am Exposé des motifs, wéi den Häre Rapporteur och scho gesot huet, drasteet. Domadder misst d'Fro sech vum selwen erleedegen. Mä esou einfach ass et awer net.

Och wa mer dës sougenannten Ekotechnologie net hei am Land duerschféieren, lafen e puer Pilotprojeten, an dat direkt och schonn, wéi gesot, hannert der Grenz um Site vu Florange. De Projet ULCOS, „Ultra-Low Carbon dioxide Steelmaking“, deen op de Site vun ArcelorMittal soll kommen, gëtt vun europäeschen a private Sue finanziert a soll, soubal wéi déi néideg Autorisatiounen do sinn, och ugoen. Den ULCOS ass e Programm, dee säit 2004 leeft an dee sech bis elo mat de verschiddene Captage-Methoden an der Recycléierung vum Gas befaasst huet.

An deem Konsortium vun 48 Entreprises a 15 Organisatiounen sinn der zwou vu Lëtzebuerg: wéi scho gesot ArcelorMittal, an och Paul Wurth. Och wa mer elo hei am Land kee Stockage vun CO<sub>2</sub> wäerten hunn, esou heescht dat net, dass eng Kollaboratioun mat eisen Nopeschlänner net kann awer stattfannen. Et muss ee virun Ae behalen, dass eis Industrie hiren

CO<sub>2</sub> kéint captéieren an an d'Ausland schécken duerch Pipelines oder iwwer anere Transportweeër, zum Beispill iwwert d'Schinn.

An deem Sënn wollt ech den Häre Minister froen, ob en eis ka soen, wou d'Diskussiounen de Moment dru sinn an der Commission intergouvernementale franco-luxembourgeoise zu dëser Fro.

An an deem Sënn ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Häre Negri Merci. Als nächste Riedner ass den Häre Camille Gira agedroen. Häre Gira, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Camille Gira (déi gréng).**- Merci, Häre President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir schwätzen herno iwwer Rio, mir schwätzen iwwer Nohaltegkeet. Ech mengen, wann een ënner Nohaltegkeet versteet, dass mer deenen zukünftege Generatiounen d'Fräiheet loosse, sech esou ze organiséieren, de Planéit, d'Wirtschaft esou ze organiséieren, wéi si dat fir richtig fannen, dann dierfe mir iwwerhaapt net iwwer Stockage vun CO<sub>2</sub> schwätzen. Wa mer Milliounen a Milliarden Tonnen CO<sub>2</sub> iergendwou a fréiere Pétrolslächer oder Grouwe verpressen, da losse mer deene Generatiounen herno kee Choix, da sinn déi dermat geplot.

Well ouni wëllen an där kuerzer Zäit an den Detail ze goen: No allem, wat ech bis elo iwwert déi Technik gelies hunn, sinn d'Schwieregkeete méi grouss wéi d'Garantien, dass deen CO<sub>2</sub> éiweg wäert am Ënnergrond bleiwen. Duerfir, mengen ech, kënnt fir eis déi Technik iwwerhaapt net a Fro.

Et ass jo och e bësse geckeg, wann ee kuckt, wéi vill Milliarde Fuersungsgelder an déi Technik do elo schonn erëm verbrode sinn. Do freet ee sech, firwat dat gemaach gëtt. Hätte mer all déi Sue geholl, fir d'Produktivitéit vun den alternativen Energie weiderzebréngen! Hätte mer déi Sue geholl, fir Aspuermoosnamen ze maachen!

Ech sinn och ëmmer e bëssen iwwerrascht, wéi séier vu gewësse Kreesser vun all Euro, deen an alternativ Energie gestach gëtt, gesot gëtt, dat ass verréckt, dat gëtt ze deier, an esou weider an esou fort. Hei gi Milliarden an eng Technik gestach, wou nach kee Mënsch weess, ob mer jeemools eng Kéier wierklech mëttelfristeg eppes kënnen dra maachen. Mä et ass wuel en Ënnerschied, ob e puer grouss Multié Lobbyismus zu Brëssel maachen oder ob e puer Leit dezentral probéieren, hir eegen Energie hierzestellen. Dee strukturelle Problem begéine mer ëmmer bei deene ganzen Diskussiounen.

déi gréng wäerte sech enthalten, well mer net verstane hunn, firwat mer eis net eens si ginn an der Kommissioun, fir dann awer emol de Wee vun Eisträich ze probéieren, déi eben net déi ganz Direktiv ëmgesat hunn, mä déi einfach sech dat Recht erausgeholl hunn, wat jo awer och explizit an der europäescher Direktiv steet, am Artikel 4, mengen ech, wann ech mech gutt kann erënneren, wou steet, dass e Land dat Recht huet, dat ze maachen.

An dann huet dat jo näischt dermat ze dinn, dass mir elo all Kéiers géifen hei schwätzen, ob mir eng Direktiv ëmsetzen oder net. Neen! Ech mengen net, dass an aneren Direktiven d'Méiglechkeet op ass, fir ze soen: „Ma mir wëllen déi do Technologie iwwerhaapt net am ganze Land“, a mir hätte vill léiwer gehat, wa mer an déi do Richtung gaange wieren. Nach ass Eisträich jo net verklot vum Europäesche Gerichtshaff. A wann dat och nach de Fall gi wier, dann hätt ee jo nach ëmmer kënnen reagéieren.

Well ech muss ganz éierlech soen, mir trauen awer enger Rei vu Leit net méi, ënner anerem ArcelorMittal. Wann ech héieren a wann ech d'Diskussiounen zu Florange suivéieren, wou an Tëschenzäit souguer de Projet mam CCS als Erpressungsmethod matagebaut gëtt, wann ech erlieden, wéi komplex déi ganz juristesche Situatioun ass mam Minnerecht, wann ech d'Diskussioun a Frankräich suivéieren iwwert d'Gaz de schiste, an esou weider an esou fort, da kéint et jo emol sinn, dass den Häre Mittel muer op d'Iddi kënnt, wann dat zu Florange eppes gëtt, e Géigegutachten ze presentéieren an ze soen: „Ah, zu Lëtzebuerg ass et techesch och méiglech, CCS ze maachen.“

An da froen ech mech, ob mer nach esou ganz gutt dostinn, wa mer dann awer eng ganz Direktiv ëmgesat hunn, just am leschte Saz nach net. Et ass relativ schwierig nozevollzéien, dat do. Et ass e bëssen, wéi wann ee géif en ielelaange Code de la Route maachen an dann am zweetleschte Paragraph géif soen: „Mä zu Lëtzebuerg dierfe keng Autoe fueren.“ Da géife mer jo alleguerten haart laachen. Bon, mir





froen eis, firwat mer hei net haart laachen. A well mir léiwer déi éischt Optioun gehat hätten, wäerte mir eis da bei deem Projet hei enthalen.

Ech soen Iech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Gira. Als leschte Riedner ass den Här Jean Colombero agedroen. Här Colombero, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean Colombero** (ADR).- Merci, Här President. Mir als ADR, mir sinn och skeptesch, wat d'Pompele vum CO<sub>2</sub> an de Buedem ugeet. Mir wëssen nach net, wéi d'Reaktiounen do sinn. Et ass eng ganz nei Technologie. Wéi ass d'Reaktioun vum CO<sub>2</sub> mam Gestengs? Gëtt et Risiko vu Réssbildungen? Kann et zu seismeschen Aktivitéiten kommen? Wéi sinn d'Migratiounsweeër vum CO<sub>2</sub>? Dat sinn alles Froen, déi ee sech stellt a wou ee fir de Moment nach absolut keng Léisung huet. Dofir si mer ganz skeptesch, wat dës Direktiv ugeet.

Mir soen dem Här Oberweis Merci fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. Mir hätten och léiwer gehat, wa mer fir den éisträichesche Modell optéiert hätten. Dat wär vläicht méi fair gewiescht, aus deem einfache Grond, well fir de Moment da kënne mer jo soen: „Mir pompele keen CO<sub>2</sub> an de Buedem, well dat bei eis jo net erlaabt ass. Dat ass net machbar, geologesch an hydrologesch.“ Mä ech mengen, dat ass deen einfache Wee. Mir soen: „Dat ass net méiglech, fir dat ze maachen.“ Mä trotzdem wäerte mer eisen CO<sub>2</sub>, wann et muss sinn, an Norwegen exportéieren. An ech mengen, dat ass net fair par rapport zu den anere Länner.

Mir hätten eis gewënscht, dass mer méi offe gewiescht wären a mir hätten dann den éisträichesche Modell gewielt. Dofir wäerte mer eis beim Vote hei enthalen.

Ech soen Iech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Colombero. Elo kritt d'Regierung d'Wuert, den Här delegierten Nohaltegkeetsminister Marco Schank.

► **M. Marco Schank**, *Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures*.- Wéi gesot, Här President, ech wollt fir d'Éischt soen, datt d'Regierung an d'Chamber an deem heite Fall datselwecht wollten, datselwecht wëllen. Mir wëllen net, datt zu Lëtzebuerg CO<sub>2</sub> stockéiert gëtt, éischters ass et net méiglech. Déi dräi Gutachten - op déi ech net zrëckkommen -, déi soen dat ganz daitlech.

Zweetens ass de politesche Wëlle ganz kloer, datt mer dat net wëllen hei zu Lëtzebuerg. Et muss een awer wëssen, datt mer verschidden Deeler vun der Direktiv souwisou hätte missen ëmsetzen. Eis Juristen hunn dat ganz daitlech gemaach - an do hunn ech awer ganz vill Confiance -, datt mer eis „keng siche ginn“, op Lëtzeburgeresch gesot. Et kann net sinn, datt mer herno géifen engersäits poursuivéiert gi fir d'Nettranspositioun oder net déi richteg Transpositioun vun der Direktiv, an anerersäits, datt mer all Risque d'insécurité aus de Féiss ginn, well et esou ee wesentleche Sujet ass.

Duerfir, mengen ech, si mer awer hei op där gewonnener Säit: Engersäits hu mer d'Direktiv ëmgësat, an da soe mer gradesou daitlech, mir wëllen et net, mir wëllen net, datt zu Lëtzebuerg CO<sub>2</sub> stockéiert gëtt. A mir wëssen och net, wéi dat mat den Éisträicher ausgeet. Dat ass en cours, d'Kommissioun préift dat. Dat kënne mer elo nach net soen. Ech mengen, datt mer hei en exzellente Kompromëss fonnt hunn.

Dann nach vläicht ee Saz zu engem Avis, wou d'Kommissioun elo gefrot ginn ass. Et ass déi éischte Kéier opgrond vun der Direktiv, datt d'Europäesch Kommissioun gefrot ginn ass, fir en Avis ze schreiwe fir e Projet an Holland, fir CO<sub>2</sub> ze stockéieren, an zwar un der hollännescher Küst. Do ass et esou, datt elo emol am Kader vun engem Pilotprojet am Hafe vu Rotterdam CO<sub>2</sub> wäert stockéiert ginn. Juste pour info, datt et bis elo ee Land war an datt d'Kommissioun eng Kéier en Avis ginn huet am Kontext vun hirer Ëmsetzung vun der Direktiv.

Dann och, fir op ULCOS zrëckzekommen, op déi Fro am Zesummenhang mat deem Comité, wou ech jo ganz daitlech och an der Kommissioun gesot hunn, datt et net a Fro kënnt, datt Lëtzebuerg do eng Roll spillt. Et huet eng Kéier eng Entreprisé - Paul Wurth, fir se net ze nennen -, déi haten ee Moment Intérêt ugemellt, hunn awer ofgewénkt. Am Endeffekt, wéi et mat Florange virugeet, wësse mer eeneweegs net. Op jidde Fall gëtt et do keng Initiativ. An d'Regierung denkt och net, an iergendenger Form do ze participéieren.

Merci awer och zum Schluss dem Rapporteur fir säin exzellenten - wéi mer dat gewinnt sinn -

mëndlechen an och schrëftleche Rapport. Ech si frou, datt mer awer e relativ breede Konsens hei wäerte fannen, wann dat Gesetz gestëmmt gëtt.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Minister. Domadder si mer um Enn vun den Diskussiounen. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6302 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugeholl mat 48 Jo-Stëmmen, géint 11 Enthaltungen.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par M. Lucien Clement), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes (par Mme Nancy Arendt), Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Xavier Bettel) et M. Carlo Wagner.*

*Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Camille Gira), Camille Gira, Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Jean Colombero), Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.*

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

**(Négation)**

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zu eise nächste Projet, de Projet de loi 6411, eng Direktiv iwwert d'Opérateuren, déi Holz op de Maart ginn. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech bis elo ageschriwwen: just den Här Berger. D'Wuert huet elo de Rapporteur...

► **Une voix.**- Hien zitt sech zrëck.

► **M. le Président.**- Den Här Berger och net.

**(Interruption)**

Da kritt elo de Rapporteur vum Projet de loi d'Wuert, den honorabelen Här Marcel Oberweis. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**8. 6411 - Projet de loi concernant certaines modalités d'application et la sanction du règlement (UE) n°995/2010 du Parlement européen et du Conseil du 20 octobre 2010 établissant les obligations des opérateurs qui mettent du bois et des produits dérivés sur le marché**

**Rapport de la Commission du Développement durable**

► **M. Marcel Oberweis** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, dee virleiende Projet de loi, dee reit sech an eng ganz laang Lëscht vu Gesetzesprojeten an, déi mir an der Chamber an der Rumm vun dem Ëmweltschutz an de leschte Joren hei geholl hunn.

Am Virfeld vu menger Interventioun eng ganz kleng Ausféierung. Ech hu bei der Welternährungsorganisation, der FAO zu Roum, nogekuckt gehat. Do steet an deem heiten Zesummenhang dran, an der Preparatioun vu „Rio+20“ deemnächst, dass déi weltwäit Nofro no Holz ëm 50% an deenen nächste 40 Joer wäert zouhuelen. A wann een awer bedenkt, dass all Joer 13 Milliounen Hektar Bëscher fir ëmmer verschwannen an domat d'Erosioun méi grouss gëtt, da kann ee sech scho virstellen, wéi een Drock bei enger wuessender Populatioun op de Bëschbestand an der Welt ausgeübt gëtt. An net ze vergiessen: 70% vun

deem gesamten Holz, dat geschloe gëtt, gëtt verbrannt.

Et geet also hei am Speziellen ëm d'Ëmsetzung vun engem europäesche Reglement, N°995 vum 20. Oktober 2010. De Projet de loi ass den 13. Mäerz dëst Joer an der Chamber deponéiert ginn, an d'Chamberskommissioun huet de Rapport de 6. Juni unanime ugeholl. Ech wëll hei nëmmen déi wichtegst Elementer vun dem Rapport virdroen, de Rescht kann een dann noliessen.

Dat europäesch Reglement setzt déi Obligatioun fest, un déi sech déi eenzel Opérateuren, déi Holz a seng Produkter op de Maart bréngen wëllen, ze halen hunn. Mir wëssen all - et ass scho méi wéi eng Kéier op der Tribün hei gesot ginn -, dass déi illegal Exploitatioun vun de Bëscher e ganz grouss Problem net nëmme fir d'Mënschen, mä och fir d'Natur duerstellt. D'Ofholze vun de Bëscher an déi domat verbonnen Erosioun vu groussen Terrainen, am Besonneschen an de Reebëscher bei deenen dach méi aarme Leit, dréit zu ronn 20% vun de weltwäiten CO<sub>2</sub>-Emissiounen bäi. Dat waren d'lescht Joer vun den 31,6 Milliarden der ronn 6,3 Milliarden.

En aval vun dëser desolater Situatioun kënnt et zu enger weiderer Degradatioun vun de Bëscher, déi net méi weider nohaltig bewirtschaft kënne ginn. Dat bréngt, wéi gesot, grave Konsequenze fir de Klimawandel mat, wat jo de Sujet vun der „Rio+20“-Konferenz déi nächst Woch wäert sinn. Dëst Reglement fuerdert duerfir all déi europäesch Acteuren op, sech bei der Lutte géint dat illegaalt Ofholzen eranzebréngen. Esou kann d'Europäesch Unioun, déi jo trotz allem ee Virreider a Saache Klimaschutz ass, e gutt Beispill fir déi aner Acteuren an der Welt sinn.

D'Europäesch Kommissioun huet an hirer Kommunikatioun vum 21. Mee 2003 dëse Gedanken opgegraff an hat deemools schonn dat Dokument FLEGT ausginn. An dat steet fir eng gutt Gouvernance an der Bëschbewirtschaftung a fir en nohaltigen Handel mat den Holzprodukter.

Wichtig Elementer aus dem Projet de loi sinn da folgend: Et gëtt den eenzelnen Opérateure verbueden, Holz an Holzprodukter, déi aus der illegaler Ofholzung stamen, op den europäesche Marché ze bréngen. Hei gëtt ganz speziell un d'Kooperatioun vun de Partner appelléiert. Well awer nach ëmmer keng kloer Definitioun vun dem illegalen Ofholzen op dem internationale Plang besteet, soll d'Gesetzgebung aus dem Land gëllen, wou dat Holz dann hierkënn. An dat heescht, dass d'Händler an der Europäescher Unioun eng grouss Responsabilitéit kréien.

Et wäert awer och net einfach ginn, iwwert d'Holz a seng Produkter all néideg Informatiounen aus dem Ursprungsland ze kréien. Duerfir sollen och déi Opérateuren, déi am Ufank vun der Kette stinn - dat sinn déi, déi d'Holz schloen -, all déi néideg Informatiounen matliwweren, dass hiert Holz ebe legal geschloe ginn ass.

Fir de Risiko deemno esou kleng wéi méiglech ze halen, dass illegaalt Holz a seng Produkter agefuert ginn, mussen all déi eenzel Opérateure matenee schaffen. Wann et muss sinn, da ka souguer d'Europäesch Kommissioun eng Hand mat upaken, well hiren Aarm reecht nun dach méi wäit wéi eenzel Länner.

Ee weidere Punkt vun dem Reglement schreift och vir, dass privat Bëschbesëtzer sech un dës Mesuren hale mussen. Duerfir muss fir déi Dausende vu private Bëschbesëtzer eng technesch Assistenz bereetgestallt ginn. Et soll och alles an d'Wee geleet ginn, dass recycéléiert Holz an dem Maart bleift, esou dass net permanent muss neit Holz geschloe ginn. An deem Reglement ass festgehalen ginn, dass Holz a seng Produkter, déi um Liewensenn ukomm sinn, net méi erfaasst ginn.

Et gëllt awer hei wéi a ville Fäll d'Spréchwuert: Vertrauen ass gutt, awer Kontroll ass besser. Duerfir ginn déi staatlech Autoritéiten ugestallt, Kontrolle bei den Opérateuren um Terrain duerchzeféieren. Bei Verstéiss muss derfir gesuergt ginn, dass d'Opérateuren eng technesch Assistenz kréien, fir dass esou Fauten an der Zukunft net méi solle gemaach ginn.

Här President, wat elo d'Ëmsetzung hei am Land ubelaangt, esou ass de Minister, an deem säi Kompetenzberäich d'Ëmwelt fält, fir dës responsabel. Fir d'Kontroll op dem Terrain sinn an dem Artikel 3 ënner anerem responsabel: d'Beamte vun der Douane an den Akzise wéi och déi kompetent Mataarbechter aus der Verwaltung vun der Natur an de Bëscher.

Am Artikel 4 gëtt festgehalen, wéi dës Kontrollen duerchgefouert ginn, an do gëtt en Ënnerscheed gemaach, ob et sech ëm Gebaier handelt, déi vu Leit bewunnt ginn, oder déi net bewunnt ginn.

Den Artikel 5 leet fest, wéi dann déi Kontrollen, an dat heescht, d'Opsiche vun illegalem Holz an Holzprodukter, hei sollen duerchgefouert ginn. Hei huet sech d'Chamberskommissioun och dem Avis vum Statsrot ugeschloss.

Den Artikel 6 gesäit vir - dat ass hei ganz wichtig -, dass agréiert Ëmweltassociatiounen hir Stëmm erhiewe kënnen, wa si e Feeler an dem Handel vun Holz a senge Produkter feststellen.

Den Artikel 7 gesäit wéi ëmmer Strofe vir, déi verhaange kënne ginn am Fall vun enger festgestallter Faute grave. Do gi Prisongsstrofen tëschent aacht Deeg bis e Mount oder Amendé vun 251 bis 250.000 Euro ausgesprach.

Den Artikel 8 hat den Embauchage vu Personal virgesinn. Opgrond vun dem Avis vum Statsrot ass deen Artikel awer dunn erausgestrach ginn.

De Conseil d'État hat ausser enger Opposition formelle, där d'Regierung Rechnung gedroen huet, keng weider Bedenken. Och d'Berufskummeren hate keng weider Objectiounen. An de Rapport ass an der Chamberskommissioun unanime ugeholl ginn.

Mat dëse Wieder bréngen ech den Accord vun onser Fraktioun eran a soe wéi ëmmer Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. le Président.**- An ech soen dem Här Oberweis Merci. Ech mengen, dat war, wéi mer dat vun him gewinnt sinn, méi wéi komplett. Ech weess net, ob den zoustännege Minister nach eppes wëllt derbäifügen.

**(Négation)**

Da kéinte mer nämlech direkt zur Ofstëmmung kommen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6411 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Frank), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Carlo Wagner) et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. François Bausch);*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass dat esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 6412, eng Direktiv iwwert den Autorisationsregime FLEGT op Holzimportatiounen. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et huet kee Riedner sech ageschriwwen, esou datt elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Oberweis, d'Wuert kritt. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**9. 6412 - Projet de loi concernant certaines modalités d'application et la sanction du règlement (CE) n°2173/2005 du Conseil du 20 décembre 2005 concernant la mise en place d'un régime d'autorisation FLEGT relatif aux importations de bois dans la Communauté européenne**

**Rapport de la Commission du Développement durable**

► **M. Marcel Oberweis** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, dëse Projet de loi ass ee Complément zu deem Projet, dee mer elo grad gestëmmt hunn. Dat war d'Direktiv 995 vum 20. Oktober, an elo geet et drëm, dass mer de Projet de loi,